ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Scho virum Waffestëllstand vum 9./10. November 2020 tëscht Aserbaidschan an Armenien am Biergkarabach-Konflikt si grujeleg Videoen an de soziale Medien opgedaucht, op deenen ee gesäit, wéi aserbaidschanesch Zaldoten armenesch Krichsgefaangener mësshandelen. No dem Waffestëllstand huet Armenien déi aserbaidschanesch Krichsgefaangener un den Aserbaidschan iwwerginn, wat ëmgekéiert net am selwechte Mooss geschitt ass. Et gëtt geschat, datt den Aserbaidschan nach eng 200 Persounen, dorënner och Zivilisten a Persoune vun net armenescher Nationalitéit, gefaangen hält.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Huet déi Lëtzebuerger Regierung Informatiounen doriwwer, wéi vill Zivilisten a Militär mat armeneschen Originnen am Moment nach, ronn 5 Méint nom Waffestëllstand, vum aserbaidschanesche Regime festgehale ginn? Wéi vill

Persounen dovunn sinn Zivilisten, wéi vill Militär? Wéi eng Nationalitéit hunn déi Persounen (ënnert hinne soll sech och eng Damm mat libanesescher Nationalitéit befannen)?

2. Leien der Lëtzebuerger Regierung Informatiounen doriwwer vir, ob armenesch (respektiv Persoune mat enger anerer Nationalitéit) Zivilisten oder Militär an aserbaidschanescher Gefaangeschaft mësshandelt ginn?
3. Wat ënnerhëlt déi Lëtzebuerger Regierung op diplomateschem Niveau konkret:

- fir datt den Aserbaidschan eng komplett Lëscht vun deene gefaangene Persoune publizéiert?
- fir datt den Aserbaidschan seng Verflichtungen aus dem Waffestëllstandsofkommes an deene subsequenten Erklärunge vum November 2020 erfëllt, besonnesch och am Hibléck op déi humanitär Froen?
- fir drop ze bestoen, datt den Aserbaidschan seng Verflichtungen ënnert de Genfer Protokoller, besonnesch dem Drëtte Protokoll, an dem Vëlkergewunnheetsrecht anhält a gefaange Persounen nom Enn vun den Hostilitéite fräiléisst?
- fir ze verhënneren, datt un d'Fräiloossung vun dëse Persoune Conditioune gebonne ginn an datt si domat zu Geisele ginn?
- fir dozou bäizedroen, datt gefaange Persounen net mësshandelt ginn?
- fir dat Internationaalt Rout Kräiz bei senge Beméiungen an dëser Konfliktsituatioun ze ënnerstëtzen?
- fir ze erméiglechen, datt international Hëllefsorganisatiounen, respektiv national diplomatesch a konsularesch Vertrieder, een ongehënnerten Zougank zu alle vum Aserbaidschan kontrolléierte Gebitter wéi och Ariichtunge kréien, an deene Persounen zënter deene leschten arméierten Evenementer gefaange gehale ginn?

- fir d'Membere vum Minsk-Grupp fir de Biergkarabach, d'USA, Frankräich a Russland, op déi Problematik mat opmierksam ze maachen a si ze encouragéieren, fir hir Beméiungen an deenen humanitäre Froe weider ze verstäerken?
- fir an internationalen Organisatiounen, wéi der UNO, der OSZE, der EU an dem Europarot, op déi humanitär Problemer am Kontext vum Biergkarabach-Konflikt opmierksam ze maachen an déi respektiv Organisatiounen dozou opzeruffen, fir sech fir d'Fräiloossung vun deene concernéierte Persoune weider a verstäerkt anzesetzen?
- fir am Fall vun enger weiderer Obstruktioun duerch den Aserbaidschan fir cibléiert Sanktiounen anzetrieden?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742